N°8218
Entrée le 08.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 08.08.2023

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 8. August 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weiderzeleeden.

D'Luxair, déi bis dato den Handling vum Cargozenter um Findel assuréiert huet, huet Enn Mee a sengem Verwaltungsrot Decisioun getraff, net méi bei der aktueller ëffentlecher Ausschreiwung matzemaachen. Dës Decisioun wier strategesch, well sech d'Luxair an Zukunft op d'Airline wéilt konzentréieren. Deemno ginn elo zwou aner Gesellschafte gesicht, déi fir 7 Joer den Handling vu Cargo iwwerhuele sollen, an een Invest, deen op 200 Milliounen Euro geschat gëtt, missten iwwerhuelen. RTL-Informatiounen no hunn nieft der Cargolux zwou weider Gesellschafte bei der ëffentlecher Ausschreiwung matgemaach.

An dem Kontext wéilt ech folgend Froen un de Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte stellen:

- Kann den Här Minister eis méi konkret soe wéini mat enger Decisioun iwwert d'Ausschreiwung gerechent ka ginn?
- Wéi eng Konsequenze kéinte fir déi ronn 1'200 Mataarbechter beim Cargo Handling entsoen?
- Wat sinn déi méiglech Auswierkungen heivun op aner Servicer vun der Luxair, respektiv op de Flughafen selwer?

Här President, ech bieden Iech dës Froen, mat mengem déifste Respekt unzehuelen.

**Marc Spautz**
Deputéierten

N° 8218
Entrée le 06.09.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 8218 vum 8. August 2023 vum Här Deputéierten Marc Spautz.**

Ënner Virbehalt vun eventuellen Imprevuen déi mat der Ausschreiwungsprozedur verbonne sinn, ass geplangt d'Lizenze fir den Handling am Cargoberäich am November 2023 auszehännegen.

D'Mataarbechter am Cargohandling sinn duerch e sektorielle Kollektivvertrag ofgeséchert, an och duerch d'Reglementatioun iwwer den Transfert vu Personal am Fall vun enger Lizenziwwernam duerch een drëtte Prestataire.

Duerch dëse Changement wäert Luxair sech kënne méi op hir aner Sparten konzentréieren, besonnesch d'Aktivitéiten vun der Airline an dem Tour Operator, wou och an den nächste Jore muss investéiert ginn.

Déi obligatoresch Neiausschreiwung vun den Handling Lizenze baséiert op der EU-Direktive 96/67/CE vum 15. Oktober 1996, déi zu Lëtzebuerg duerch d'Gesetz vum 19 Mee 1999 iwwer den "accès au marché de l'assistance en escale à l'aéroport de Luxembourg" ëmgesat gouf. Duerch dës Reglementatioun soll een effikassen a adaptéierten Handling assuréiert ginn. lux-Airport, als Gestionnaire vum Fluchhafen, muss sech un dës Prozeduren halen.

Lëtzebuerg, den 6. September 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch